



# ACTIOUN LËTZEBUGESCH

## EIS SPROOCH

joen sinn soen, uben, äinnen, baaken, baumen, beven, boxen, drooen, duzen,  
knaen, lafen, leeren, leeren, leeren, meien, molen, neien, paken, ploeren, roden, ro-  
biller, bitzen, blieren, blieren, blieren, botzen, broden, buchen, dämpfen, danzen,  
en, fellen, ferrenen, fieren, fieren, fieren, fieren, gellen, gemieren, getrenn, hanken,  
huelen, irewen, irewen, irewen, irewen, irewen, irewen, irewen, irewen, irewen, irewen,  
krazen, kreien, kucken, landen, lauden, lecken, leeden, leffen, loden, leeren, leeren, leeren,  
moosen, muulen, mussen, nammern, natzen, neelen, nennen, nerven, noomen,  
rhen, rennen, ricken, rieren,  
rennen, reusen, reiden,  
ricken, reiden, rufen,  
sichsen, sellen, sparen, stapp-  
tippen, krausen, hassen,  
sen, weeten, wieden, wü-  
zieren, zillen, zücken  
bläuen, bladden, bremen,  
en, dieeren, dierren, dre-  
decken, fleuven, fuerzen, gaapsen, gedcken, gefalen, gehieren,  
sen, griewen, haassen, heieren, kampfen, kieren, klammen, klappen,  
laachen, laschen, leieren, leieren, loossen, maachen, mieschen, muerken,  
feren, priewen, prosten, prouwen, rachen, rieren, reelen, schälen, schloen,  
spieren, spullen, starten, stauen, stöksen, steden, stieden, stemmen, stieren, sti-  
cken, strecken, waarden, waerten, waschen, wischen, wischen, wischen,  
äfen, gien, goen, haen, haun, joen, sinn, soen, uben, äinnen,  
knäen, lafen, leeren, leeren, leeren,  
tuten, weien, zeien, bidden,  
den, buchen, dampfen, dän-  
en, bedden, fellen, ferrenen, bit-  
heren, huetzen, huetzen, huck-  
implen, jazen, jauen, juck-  
en, klaken, klagen, klären,  
lauden, lecken, leeden, leffen,  
en, muuden, mieden, molien,  
neiden, nennen, nerven,  
passen, pechen, pemmen,  
nen, reesen, raiden, reimen,  
rullen, sängen, saufen, see-  
feuten, tippen, tippen, trau-  
wäden, wunnen, zappen,  
bechsen, beieren, beroden,  
men, dreien, driewen, drieken,  
gecksen, gefalen, gehieren, geissen,  
heieren, kampfen, kieren, klammen, klappen, klären, klären,  
maachen, mieschen, muosen, moosen, muulen, plängen, plängen, plätzen,  
reiden, schälen, schloen, seechen, spaizen, spannen, spänden,  
stellen, stellen, stemmen, stänken, stöken, stoppen, strofen,  
waarden, waerten, waschen, wischen, week-  
zwängen, antweien.

äfen, gien, goen, haen, haun,  
fallen, froen, halen, heken, kafen, kloen,  
den, seegen, stoen, tuten, weien, zeien, bidden, bidden,  
deefen, denken, dreien, dudien, fanken, fannen, lecken, feek-  
heeden, huetzen, huetzen, hicken, hudden, hueren, lappen, hoffer,  
kennern, kieren, kieren, kieren, klären, klären, klären, klären,  
en, leeren, leeren, leeren, leeren, leeren, leeren, leeren, leeren,  
notzen, oechsen, oolmen, pack-  
sen, ploosen, qualen, raifen,  
reimen, reizen, reizen, re-  
rotzen, ruffen, rullen, sam-  
men, steeten, saufen, fanken,  
winnen, wannen, weissen,  
len, wunnen, zappen, zack-  
afferen, amieren, baissen,  
sen, berengen, brennen, chat-  
reladen, faerten, ferrenen,  
geissen, geroden, gleewen,  
kloeden, klemmen, klengen,  
moossen, ruelen, plängen,  
seechen, spaizen, spannen,  
den, stoppen, strofen, trullen,  
wasssen, zischen, zwaffen;  
bakken, bausen, beien, boxen,  
meien, molen, neien, paken,  
binden, billen, bitzen, blieren,  
zen, dieeren, draken, drieken,  
nen, löwen, leeren, leeren, gel-  
en, hudden, hueren, huppen,  
en, kachen, kätzen, kennen,  
kläuen, kommen, krazen,  
leiden, leimen, leeren, leeren,  
mengen, moosen, muulen,  
normen, notzen, schissen, ool-  
picken, pissen, ploosen,  
reizen, reizen, reizen, ren-  
nen, setzen, sichen, söllen,  
en, turmen, wannen, wannen,  
zacken, zecken, zeemen, zack-  
bläuen, bladden, bremsen,  
dreppen, etablen, faerten, feier-  
geroden, gleewen, grafen, gremmen, griffen, griesen, griewen, haassen,  
klicken, knäpnen, kniecken, laachen, laschen, leieren, leieren, leieren, leieren,  
pöcken, potieren, priewen, prosten, prouwen, rachen, reieren,  
spieren, spullen, sparen, spullen, stellen, stauen, stemmen, stieren,  
treffen, trennen, treden, uelagen, versoen, vrecken,  
en, wiermen, wuossen, zischen, zwaffen,  
babbelen, lafen, leeren, leien



# Joer fir eis Sprooch!

1971-2021

# AL-GRONDSAZPROGRAMM

# AL-GRONDSAZPROGRAMM

## INHALTSVERZEECHNES

### I. Präambel

### II. Strategesch Ziler:

- 1. Den Zoustand vum Lëtzebuergesch am A halen**
- 2. Eis Sprooch a Kultur an hire Status stäerken**
  - a. Eng Balance tëschent deenen anere Sproocher fannen
  - b. Déi legal Basis stäerken
  - c. D'Codificatioun an d'Norméierung ënnerstëtzen
  - d. D'Varietäten an d'Dialekter respektéieren
  - e. D'Sproochfuerschung ënnerstëtzen
- 3. Hëllef datt d'Sprooch geléiert a korrekt benotzt gëtt**
  - a. All Zorte vu Sproochecoursë fërderen
  - b. D'Léiere vun der Sprooch encouragéieren
  - c. Déi nei Technologië benotzen
  - d. E korrekte Gebrauch fërderen, virun allem an de Medien.
- 4. D'Sichtbarkeet an de Gebrauch vun der Sprooch stäerken**
  - a. Méi Lëtzebuergesch am öffentleche Raum
  - b. Méi Lëtzebuergesch an der Gesetzgebung an dem Justizwieser
  - c. Méi Lëtzebuergesch a Veräiner an Associatiounen
  - d. Méi Lëtzebuergesch an der Kultur
  - e. Den AL-Verlag weiderféieren
- 5. En Affekt an eng Stäip fir d'Sprooch sinn**
  - a. Hir Positiounen a Meenunge bei Regierung a Parteie verrieden
  - b. Sech mat allen Akteuren austauschen
  - c. Öffentlechkeetsaarbecht maachen

# I. Präambel

D'Statute vun der "Actioun Lëtzebuergesch – Eis Sprooch" (AL) hale fest, datt

- "Den Zweck vun der AL ass, fir alles anzetrieden, wat lëtzebuergesch ass, apaart fir eis Sprooch."
- "Dat geschitt ë. a. duerch Publikatiounen an der Press, duerch d'Erausgi vu Bicher an didakteschem Material, duerch d'Organiséiere vu Konferenzen, duerch Iwwerzeegungsaarbecht an der Gesellschaft, duerch d'Matschaffen a verschiddene Gremien, déi sech fir d'Sprooch asetzen, etc."
- "D'Veereenegung ass politesch a reliéis neutral."

D'AL ass houfreg op all dat, wat si zënter hirer Grënnung am Joer 1971 erreecht huet. Loosse mir e puer Aktiounen opzielen: Lëtzebuergesch-Course fir Ausländer, Lëtzebuergesch am Alldag (Familljenannoncen, Uertschaftsnimm op Lëtzebuergesch, 40.000 Flouernimm, d'EURO-Mënzchen droen den Numm Lëtzebuerg, Tramsstatiounen, d'Sprooch an der Liturgie an an der Bibel), d'Sproochegesetz vun 1984, dat dem Lëtzebuergesch en offizielle Statut ginn huet a Promotioun fir d'Lëtzebuergesch als vollwäertegt Schoul-Fach.

Duerch hir 50 Joer Erfahrung an Aktiounen, mee och duerch hir ronn 1000 Memberen, huet d'AL eng Notoriétéit opgebaut, déi et erlaabt, bei allen Acteuren unzeklappen a sech als Affekot fir eis Sprooch anzusetzen.

D'AL stellt fest, datt sech d'Situatioun vun eiser Sprooch duerch déi demografesch Entwécklung geännert huet. Viru 50 Joer haten déi meescht Kanner Lëtzebuergesch als Mammesprooch, an eis Sprooch war déi geschwaten Alldagssprooch, wat haut net méi esou de Fall ass. Duerfir muss d'AL méi Gewicht dropleeën, de Bierger, déi mat méi wéi 150 verschiddenen Nationalitéiten bei äis vertruede sinn, en attraktiivt Ëmfeld ze schafen: si méi mat eiser Sprooch confrontéieren, fir se méi liicht kënnen ze léieren a sech mat hir ausenanerzesetzen. Fir d'AL ass d'Lëtzebuergesch nun emol Integratiouns-, Kommunikatiouns- a Literatursprooch.

Dëse Grondsazprogramm ass vum AL-Comité a vu Memberen ausgeschafft ginn a beschreift, wat fir Ziler d'AL an de nächste Joeren errechen oder bäibehale wëllt.

De Grondsazprogramm ass also e Guide, fir d'Aktiounen vun der AL z'orientéieren, dem Lëtzebuergesche säi Stellewäert an der Gesellschaft weiderhin ze ginn, deen et verdéngt huet, an dem latente Verschwanne vun der Lëtzebuergescher Sprooch entgéintzewierken. D'Sichtbarkeet an de gudde Gebrauch vun eiser Sprooch stinn do am Virdergrond, ouni natierlech eis Méisproochegkeet wëllen a Fro ze stellen.

D'Aktiounen vun der AL kommen a verschidde Formen. D'AL stäipt eis Sprooch an der Ëffentlechkeet, ënnerstëtzt aner Initiativen an Acteuren, och finanziell oder mat Rotschléi, wa gewünscht, mee si paakt och sëlwer eng Hand mat u mat hirem Verlag a mat aner Initiativen. Dëse Programm soll periodesch gepréift an ugepasst ginn, sou wéi d'Majoritéit vun de Membere vun der AL dat gesinn.

## II. Ziler

### 1. Den Zoustand vum Lëtzebuergeschen am A halen

**Grondprinzip: Nëmme mat konkreten an aktuellen Daten iwwert eis Sprooch si fundéiert Conclusiounen a geziilten Aktiounen méiglech.**

D'AL wëllt d'Evolutioun vun eiser Sprooch an enger Zäit vum Wandel genee am A behalen. Duerfir mussen Fakte periodesch gesammelt an analyséiert a Conclusiounen doraus gezu ginn.

D'AL léist sech hei virun allem vun den offiziellen Critèrë vun der UNESCO, déi international Experten ausgeschafft hunn, leeden. Néng Aspekter ginn do gekuckt: 1) déi absolut Zuel vun deenen, déi d'Sprooch schwätzen, 2) déi relativ Zuel vun deenen, déi d'Sprooch schwätzen (par rapport zu der Wunnbevëlkerung), 3) d'Transmissioun tëschent de Generatiounen, 4) d'Sproochepolitik an den offiziellen Status, 5) d'Adaptatioun un déi verschidde Sproochgebieder, 6) d'Benotzen an den neie Medien an aneren öffentlichen Domänen, 7) d'Äststellung géintwärt der eegener Sprooch, 8) d'Disponibilitéit vu Material fir Sproochcoursen a Literatur an 9) d'Zorten an d'Qualitéit vun der Sproochdokumentatioun.

D'AL wëllt och aner Quellen an Date mat erunzelen oder selwer erhiewen, wéi z.B. Ëmfroen, d'Date vum Statec (Recensement), Ronndeschgesprécher, asw..

D'AL hält sech d'Optioun op fir aner Aspekter, vun allem wat typesch lëtzebuergesch ass, ze kucken, wéi eis Baukultur, Muséeën an eis Traditiounen.

### 2. Eis Sprooch a Kultur an hire Status stäerken

**Grondprinzip: Fir kënnen an enger globaliséierter Welt bestoen ze kënnen, muss eng Sprooch duerch en héije legale Status gestäipt sinn.**

#### **a) Eng Balance tëschent deenen anere wichtige Sproochen fannen**

D'AL gesäit Lëtzebuerg op der Schnëttstell tëschent dem germaneschen a romaneschen Sproocheraum an enger ëmmer méi anglophoner globaliséierter Welt. Eis Méisproochegkeet ass eng Charakteristik an e Räichtum vu Lëtzebuerg a gehéiert och zu eiser Identitéit. D'AL steet hannert deenen zwou Schrëftsproochen vun eisen direkten Noperen, an dat als gläichberechtigt administrativ a juristescht Sproochen. D'AL setzt sech a fir e Gläichgewicht tëschent dem Däitschen an dem Franséschen hei am Land, mee och dem Engleschen als Weltsprooch an éischt Friemsprooch vun neien Awunner.

#### **b) Déi legal Basis stäerken**

Fir d'AL ass eng staark legal Basis wichteg well se en zolitten Hiewel gëtt, fir dorobber opzebauen a weider Aktiounen ze lancéieren. D'AL mengt awer och, datt d'Lëtzebuergesche Sprooch net duerch déi legal Basis vun uewen erof beim breede Public imposéiert soll ginn,

mee et kann een en Ëmfeld schafen, wou ee permanent mat hir confrontéiert gëtt a se doduerch ëmmer méi present a gefrot gëtt.

D'AL huet sech derfir agesat, dass eis Sprooch an der Verfassung als Landessprooch verankert gëtt. D'Sproochegesetz vum 24. Februar 1984 soll gestärkt ginn, an eng Administratioun muss op Lëtzebuergesch äntweren, dat heescht konkret, dass d'Klausel "dans la mesure du possible" aus dem Gesetz erausgeholl gëtt. D'Afféierung vun engem schréfftleche Lëtzebuergesch-Test am Staatsbeamten-Examen wier wichteg, fir dass d'Beamten dem Bierger och schréfftlech op Lëtzebuergesch äntwere kënnen.

#### **c) D'Codificatioun an d'Norméierung ënnerstëtzen**

D'AL setzt sech weiderhi fir d'Festleeë vu kloren Reegele vum Lëtzebuergesch an, déi wichteg si fir d'Dokumentatioun, d'Erhalen, d'Populariséierung an d'Weidergi vun eiser Sprooch. Déi Efforte mussen vun den zoustännegen Institutiounen weidergedriwwen ginn. D'AL begréisst och eng Norméierung, also e Standard-Lëtzebuergesch (Koinè), wat d'Akzeptanz no baussen méi einfach mécht. Déi Norméierung soll virun allem beim Staat, an de Medien an am Unterrecht applizéiert ginn.

#### **d) D'Variétéiten an d'Dialekter respektéieren**

D'AL respektéiert déi vill Varianten an Dialekter vun eiser Sprooch am Wuertschaz. D'Sproochvariétéit gehéiert zu eisem kulturellen, regionale Patrimoine a Räichtum. D'AL stellt awer och fest, dass leider vill Variétéiten an Dialekter vum Austierwe bedrot sinn, an ënnerstëtzt dofir Initiativen, déi sech fir hir Dokumentatioun oder hiert Erhalen asetzen.

#### **e) D'Sproochefuerschung ënnerstëtzen**

D'AL ënnerstëtzt d'Sproochefuerschung hei zu Lëtzebuerg wou se kann. E bessert Verstoe vun eiser Sprooch ass wichteg am Kontext vun der Weiderentwécklung vum Lëtzebuergesch als Sprooch, mee et erlaabt och d'Ausschaffe vu performante Léiermethoden. D'AL ass un der Entwécklung vun Dictionnairen a Programmer fir Sproocherkennung an Iwwersetzungsméiglechkeete besonnesch interesséiert.

### **3. Hëllef an datt d'Sprooch geléiert a korrekt benotzt gëtt**

**Grondprinzip: Wat méi Leit Lëtzebuergesch léieren, wat méi Leit hiert Lëtzebuergesch besser a richtig benotzen, a wat d'Iwwerliewe vun der Sprooch besser garantéiert ass.**

#### **a) All Zorte vu Sproochecoursen fërderen**

D'AL ënnerstëtzt all Zorte vu Coursen an hëlleft, didaktescht Material ze verbesseren. Et ass wichteg, dass d'Coursen op d'Mooss geschneidert si fir de Besoinen vu verschiddene Gruppen, wéi Auslänner, Lëtzeburger, Staatsbeamten, Gesondheets- a Fleegepersonal, Journalisten, Speakeren, Schüler a Léierpersonal.

E ganz wichtegen Aspekt vum Sproocheléieren kënnt der Schoul zou, well jonk Kanner liicht a séier eng Sprooch léieren. Duerfir muss an de Crèchen, am Précoce, an der Grondschoul, am Lycée an den europäeschen an internationale Schoulen Lëtzebuergesch e feste Bestandteil

vum Programm sinn. D'AL setzt sech besonnesch an, datt am Précoce an an der Spillschoul d'Lëtzebuergesch vun alle Kanner gutt geléiert gëtt, zemoos vun deenen, deenen hir Mammesprooch net Lëtzebuergesch ass. Doduerch ginn d'Kanner sproochlech gutt integréiert a si hunn eng gemeinsam Sprooch.

Do ass et och ubruecht, aner Themen ewéi d'Kultur, d'Geschicht oder d'Geographie vum Land mat anzubannen.

#### **b) D'Léiere vun der Sprooch encouragéieren**

D'AL fënnt och, datt nei Bierger direkt beim Umellen op der Gemeng iwwee Broschüren an Informatiounen fir d'Lëtzebuergesch Sprooch sensibiliséiert solle ginn. D'Betriber mussen weider gehollef kréien, d'Lëtzebuergesch Sprooch ze verbreedere, zemoos fir déi Leit, déi am Kontakt mam Bierger sinn. De staatlech finanziéierte Sproochcongé ass do eng Méiglechkeet, mee e muss duerch e Sproochenexame validéiert ginn

#### **c) Déi nei Technologië benotzen**

D'AL ass dervun iwwee zeeg, datt déi nei digital Technologië maximal genotzt mussen ginn, fir Instrumenter ze kréien, déi engem hëllef, besser mat der Sprooch eens ze ginn. Déi si vital fir hir Akzeptanz an hiert Weiderbestoen. D'AL begréisst d'Schaffen an den Ausbau vum *Lëtzebuergesch Online Dictionnaire* (LOD) an all aner Initiativ, wéi online *Wuertchecker*, Übungen (*Tutorials*), Videoen a Coursen. D'AL gesäit nach Bedarf an der Entwécklung vun online "Wuert- a Grammärchecker", Sproocherkennungssystemer an Sproochiwwersetzungsprogrammer. Si ass bereet ze hëllef eppes opzebauen an ass fir all nei Iddi op.

#### **d) E korrekten Gebrauch fërderen, virun allem an de Medien**

Am geschwate Lëtzebuergesch an der Ëffentlechkeet mussen d'Reegele vun der Aussprooch, Intonatioun, Artikulatioun, Dictioun, Grammatik a Syntax korrekt applizéiert ginn, mam Zil, eng gutt Sprooch ze fërderen. D'Medien wéi d'Presse, Radio an Tëlee erreeche besonnesch vill Leit a sinn Haaptakteuren am Gebrauch vun eiser Sprooch. D'AL wëll si encouragéieren an hinnen och hëllef, sech permanent ze verbessere.

## 4. D'Siichtbarkeet an de Gebrauch vun der Sprooch stäerken

### **Grondprinzip: Wat d'Sprooch am Alldag méi present ass, wat d'Leit méi domadder confrontéiert sinn, a wat den Interessi dofir wiisst.**

#### **a) Méi Lëtzebuergesch am ëffentlechen Raum**

D'AL setzt sech an, datt d'Lëtzebuergesch eng besser Siichtbarkeet am Alldag vun alle Bierger kritt. Wat d'Sprooch am Alldag méi gebraucht gëtt, wat se méi siichtbar ass, a wat de Virwëtz an den Interessi och bei den auslänneschen Matbierger eropgeet. A virun allem hëllef se deenen, déi Lëtzebuergesch-Coursen gemaach hunn an elo d'Sprooch och üben an notze wëllen, a wann et nëmmen ass, fir se ze gesinn a se liesen ze kënnen. Et ass och e wichtegt Signal, datt d'Lëtzebuergesch hir Sprooch héich halen.

D'AL setzt sech virun allem an, datt d'Sprooch schrëftlech méi gebraucht gëtt bei der Signalisatioun a béi offizielle Begréissunge bei de Gemengen, beim Staat, an de Spideeler an um Haff. Et betrëfft Websäiten, sozial Medien, Gebaier, Publicatiounen, Formulären, Convocatiounen (z.B. bei Walen), Schëlter, Timberen, Statiounen, Plazen a Stroossen.

D'AL wëll och, datt typesch lëtzebuergesch Nimm benotzt ginn. Leit, déi Lëtzebuergesch léieren, verstinn net, firwat mir Begrëffer wéi "Maison relais" oder "Stade de Luxembourg" huelen amplaz vun originelle Lëtzebuergesch Nimm wéi "Kannernascht" an "Stadion Lëtzebuerg".

D'AL wëllt de Betriber an der Privatindustrie hëllefen (awer nëmme wann déi dat wëllen), déi direkt mam Bierger ze doen hunn. Do kann et sech ëm eng Iwwersetzung vu Menüskaarten oder Reklammen handelen.

D'AL ënnerstëtzt d'Iddi fir en "Haus Lëtzebuerg" ze schafen, wou een d'Sprooch, d'Kultur, de Sport, d'Geschicht, d'Gastronomie, d'Traditiounen an Innovatioune kéint duerstellen.

#### **b) Méi Lëtzebuergesch an der Gesetzgebung an am Justizwiesen**

D'AL wëll, datt d'Verfassung op Lëtzebuergesch iwwersat gëtt. D'AL wëllt och, datt déi Gesetzer a Reglementer, déi fir d'Bierger relevant sinn, an allen dräi administrative Sproochen ze kréien sinn.

#### **c) Méi Lëtzebuergesch a Veräiner an Associatiounen**

D'AL wëll de Veräiner an Associatiounen hëllefen, d'Lëtzebuergesch Sprooch ze fërderen, well déi sinn eng wichteg Integratiounsplaz.

#### **d) Méi Lëtzebuergesch an der Kultur**

D'AL ass frou, datt d'Lëtzebuergesch de Wee an eis Kultur fonnt huet an datt et vill Literatur fir Jonk an Al, dorënner Lyrik, Romaner, Theater, Gesank a Filmer, ginn. D'AL probéiert, wann néideg, déi Entwécklung weider ze fërderen, och andeems se Bicher am Eegeverlag erausgëtt.

#### **e) Den AL-Verlag weiderféieren**

Den AL-Verlag bleift eng Haaptaktivitéit vun der AL.

## **5. En Affekot an eng Stäip fir d'Sprooch sinn**

### **Grondprinzip: D'Lëtzebuergesch Sprooch brauch en Affekot, dee sech bei allen Akteuren um Terrain fir si asetzt.**

#### **a) Hir Positiounen a Meenunge bei Regierung a Parteie verrieden**

D'AL analyséiert de Regierungsprogramm zu eiser Sprooch genee a beurteilt den Erfolleg vun de Moosnamen, déi geholl gi sinn. Si mécht dat ëffentlech a gëtt dem verantwortleche Minister dozou hir Meenung of.

D'AL sicht den aktiven Austausch mat alle politesche Parteien. Virun Nationalwale gëtt si de Parteien e Froekatalog, fir deenen hir Positioune gewuer ze ginn, a si informéiert heiriwwer hir Memberen, ouni sëlwer Positioun ze huelen.

**b) Sech mat allen Akteuren austauschen**

D'AL begréisst de gudden Kontakt, deen si mam Sproochecommissaire, dem CPLL an dem Zentrum fir d'Lëtzebuenger Sprooch huet, a si wëllt weider mat hinnen, awer och mat aneren Akteure kucken, wat een zesumme fir eis Sprooch maache kann.

D'AL sicht Kontakter mat internationalen Organisatiounen an och mat de Sproochegesellschaften an den Nopeschlänner.

D'AL wëllt de Kontakt mat der Jugend, den Ausländer hei zu Letzebuerg an den Nei-Lëtzebuenger sichen, fir ze kucken watfir Erwaardungen si hunn.

**c) Ëffentlechkeetsaarbecht maachen**

D'AL mécht esou vill wéi méiglech Ëffentlechkeetsaarbecht an ass present an de Medien, op de sozialen Netzwierker, op Konferenzen a Ronndëschgespréicher.

*Dëse Grondsazprogramm gouf an der Generalversammlung vum 30. Abrëll 2022 vun de Membere vun der AL ugeholl. Un dësem Grondsazprogramm orientéiert sech de Comité vun der AL, wann e säin Aktiounsplang fir d'Zukunft opstellt.*